



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , , den 13/10/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aussenugeleeënheeten an Europa, Energie & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

De franséisch President Emmanuel Macron huet ugekënnegt weider um Ausbau vun der Atomenergie festzehalen. Wéi France24 an engem Artikel vum 12ten Oktober schreift, wier d'Zil bis 2030 vill kleng Atomreaktere mat Kapazitéite bis zu 300 Megawatt bauen ze loosse. Weider zitéiert France24 een Expert:

"Mais la course aux petits réacteurs modulaires à laquelle la France veut participer constitue en fait une sorte de retour en arrière - en ce qui concerne la taille. "On a commencé, dans les années 1960 par des petits réacteurs avant de basculer vers les plus grands pour réaliser des économies d'échelle", souligne l'expert italien."

Effektiv ass de Schrëtt zeréck zu méi klengen Reakteren net nëmmen ee Schrëtt zeréck zu méi klengen Reakteren, mee ee Schrëtt zeréck an der Ëmweltpolitik, deen d'Risiko vun nuklearer Energie an déi tragesch Accidenter vun Tschernobyl a Fukushima bausse vir léisst.

An der Äntwert op eis parlamentaresch Fro n°2197 zum Atom-Endlager an der Belsch haten d'Ministeren eis geäntwert:

D'lëtzebuergescher Regierung wäert sech mat alle juristeschen a politeschen Mëttelen dofir asetzen, dat keen Endlager un eis Grenz kënnt. Esou huet d'Ëmweltminister den 11. Juni 2020 ee kriteschen Avis un déi belsch Ëmweltminister an un d'ONDRAF geschéckt. [...] De Regierungsrat war am viraus iwwert des Démarche informéiert an huet se ënnerstëtzt.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi positionéiert d'Regierung sech vis-à-vis vun de franséische Pläng, fir weider un der Atomenergie festzehalen?



2. Wosste verschidde Regierungsmemberen am Virus vun dëser franséischer Decisioun Bescheed?
3. Besteet fir eist Land de Risiko, dass nieft Cattenom weider Atomkraaftwierker an Endlageren op der franséisch-lëtzebuergescher Grenz erricht kéinte ginn?
4. Iwwert wéi eng Mëttele wäert d'Regierung bei eisem franséischen Noper intervenéieren? Wéi ee starke Message wëll d'Regierung a Richtung Paräis maachen?
5. Wäert d'Lëtzebuerg op EU-Niveau géint den Ausbau vun der Atomenergie aktiv ginn? Falls jo, wéi?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc

Député

